

OSTSAND

Do war d'Zeechen erëm!

Ganz niewebäi. Wéi zoufällg mat der Hand skizzéiert.

Hien huet de Bléck net vun där Persoun gelooss, fir ze kucken, ob si vläicht géif insistéieren an d'Zeeche widderhuelen.

Mee dat war wuel net virgesinn.

Hien huet em sech gekuckt. Ob net en Aneren op dat Zeeche géif äntweren. D'Zeechen ofhuelen, wéi de Pleimling gesot hat.

Niewent him en Tipp an engem gringen, dreckege Parka, deen e bésse verluer wierkt, hannert him eng eeler Damm mat engem spatze Kënn an engem grad sou spatze schwaarzen an iergendwéi krommen Hittchen um Kapp. Hunn näischt mam Zeechen ze dinn.

Hie geet der Persoun, déi virdrun d'Zeechen sou wéi niewebäi skizzéiert huet, no, eng Fra an engem roudé Mantel. Déi ass kaum aus den Aen ze verléieren!

De Pleimling hat gesot, si wiere meeschtens onopfälleg ugedoen, grobrong, keng richtig Faarf, eng Zort Stad-Khaki, fassadegro, stébsfaarwech, an ir ee sech emsinn hätt verschwonn, wéi vun den Ofgase geläuscht...

Si awer geet an houfregem Rout, op

Hien notéiert sech dat, geet nach emol zeréck bei de Fotosbuttek an decidéiert dann, de Pleimling unzeruffen.

Deen äntwert net. Ass wuel net méi am Büro. Also den Handy. Och do keng Äntwert.

Ech si mer es net sécher, hat de Pleimling gesot, awer et schéint mer, wéi wann de Lanners fir si géif schaffen.

Hie war liicht erféiert an hat e bëssen ongleweg nogefrot: De Lanners? Op deenen zwou Säiten?

Jo, op deenen zwou Säiten.

Hien hat dat kaum fir méiglech gehal, zemol hien de Lanners scho jorelaang kannt huet. En Tipp, op dee Verlooss war, mat deem ee konnt Päerd stiele goen. A lo sollt deen en duebelt Spill spillen?

Hie geet zeréck, Richtung Knuedler, a probéiert den Oflaf vum Nomëtteg ze rekonstruieren: Nom lesse mam Wecker, deen him zousätzlech Informatiounen ginn hat, war hien zeréck op de Büro gaang, fir eng Rei Pabeieren ze iwwerpräiwen. Eng vun den Ennerlagen, vun deenen de Wecker him geschwat hat, war ouni Zweifel manipuléiert ginn, wann net ganz gefälscht. Dee Pabeier koum vun der Universiteit, vun der sougenannter

Um Wee zeréck dohin erféiert hien. Hie stellt fest, datt sou wéi hie gaang ass, hien eng Aachtche gedréit huet. Säu Wee duerch d'Stad zeechent d'Konture vun enger Sandauer no. Déi zwee Dräiecker, déi sech mat der Spëtzt beréieren, d'Zeeche vun der *Ostsand*. Net méiglech! Ee Moment freet hie sech, ob do eng béis Muecht de Geck mat him méich, seet sech dann, datt en en dommen Zoufall muss sinn.

De Fotograf wëllt grad zoumaachen, léisst hien awer nach eran.

Déi Foto, seet hien, wier d'Reproduktioun vun enger aler Foto, déi duerch e Waasserschued gelidden hätt. Um Original wier sougutt wéi näischt méi ze gesi gewiescht. Awer hien hätt et fäerdeg bruecht, doraus rëm e schéint proppert Bild ze maachen. E klengt Meeschterwierk souzesoen. Dorop wier hien houfreg, an dofir hätt hie se och ausgestallt.

Den Här Lanners hat e Waasserschued? Vun engem Här Lanners wéisst hien näischt.

Et wier eng Damm, déi him déi al Foto bruecht hätt.

D'Laura?



héijen Talleken, séier, awer net an der Hetz, sportlech viv, iergendwéi lëschtég. Béit an d'Säitegaass an.

Hie geet e Schrott méi séier.

Si wiesselt den Trëttoar, kuckt dobäi hannert sech iwwer d'Schëller.

Hie kuckt sech séier eng Geschäftsfenster un, gesäit si am Glas. Wéi si déisäit hanner den Autoe schwieft.

Am selwechten Abléck fällt him eng Foto op an der Fënster – hie steet virun engem Fotosgeschäft –, op där de Fränk Lanners ze gesinn ass. A senge jonke Joeren. Dat muss hie sinn. Eng Houchzäitsfoto. De Fränk an d'Laura. Si si well laang gescheet...

Hie gesäit, wéi d'Fra déi aner Säit méi lues mécht an an hirer Posch ze wulle schéint.

Wat droleg ass un der Houchzäitsfoto: de Fränk huet de lénken Aarm ugewéinkelt an d'Hand liicht verdréit. Wéi wann hien...

D'Fra steet lo virun enger Hausdier.

... jo, wéi wann hien d'Zeeche géif maachen!

D'Fra schéint opzespären.

Hie kuckt nach emol séier op d'Fotito, geet da virun, gesäit, wéi d'Fra am Hausgank verschwénnt.

Nummer 16.

Zwou Schelle mat zwee verschiddenen Nimm. *Hamilius*. A *Remington*, éischter seelen hei.

uni.lu. Dat huet hien net gewonnen. Datt op der Uni an der Fuerschung massiv gefälscht gouf, war bekannt. D'Vullen hunn et souzesoen vun den Diecher gepaff, awer kee wollt et héieren. Et huet een nëmme brauche kuerz an d'Internet eranzekucken, zum Beispill enner dem Stéchwuert *French Connection labtimes*, dann ass een do op den Archiv 24 gestouss a schonn huet sech ganz krass d'Gefuddels virun engem ausgebreet. Ob dës kriminell Aktivitéiten awer lo mat de Leit vun Zeechen ze dinn haten, war net sécher, éischter onwahrscheinlech souguer...

Méiglecherweis wollt de Wecker hien op eng falsch Pist schécken. Well och säin Tuyau iwwer Facebook war Kabes. Stammdëschniveau wéi sou zimlech alles do. Wéi hie sech dunn op de Wee an d'Archive gemaach huet, war op emol deen Tipp hanner him hir. E gaaksegen Tréppler, dee sech ginn huet, wéi wann hien net bis 3 kéint zielen. Eng Bounestaang am Reemantel, en dieren Doudekapp, deen un engem Apel geknabbert huet. Grad sou opfälleg wéi eefälleg.

Méi spéit dunn d'Fra am roudé Mantel.

An de Lanners op der Foto.

Déi Foto léisst him keng Rou. Wat mécht sou en aalt Bild an där Vitriinn?

Hie kuckt op d'Auer. De Buttek misst nach op sinn.

Ob si Laura géif heeschen, wéisst hien net. Awer un hire Familljennumm géif hie sech nach genee erënneren. Well en e bëssen ongewéinlech fir hei wier. Remington.

Remington? D'Laura heescht dach net Remington. Oder huet et sech nei bestuet mat engem Remington? A wann et sech frësch bestuet huet, firwat kënn et da mat der aler Foto heihin?

Hien ass opgewullt, liicht ziddereg an dronken.

Ass dat déi Madame Remington vun do iwwer? freet hien de Fotograf.

Ech weess net, wou si wunnt, äntwert deen, awer ech mengen net, datt si hei aus der Géigend ass.

Freet da mat lueser Stëmm, awer e bëssen ongedëlleg: Sidd Dir vun der Polizei? Nee, ech sinn en ale Frënd vum Här Lanners.

Ech maache lo zou.

Hie geet aus dem Buttek wéi verwalt.

Aus engem Bürosgebai komme Leit, all an donkelgroem Kostüm, verschiddener mat enger heller Käertchen op der lénker Broschtsäit. Automatesch kuckt hien drop, probéiert ze liesen. Ob do net vläicht d'Zeeche vun der *Ostsand* drop ass.

Ass awer net.

Op enger mengt hien *uni.lu* gelies ze
 hunn, uni am rouden a lu am bloen.
 Et fänkt un, däischter ze ginn, an e liichten
 Niwwelree mécht d'Stroossen dréif.
 De Pleimling ass ëmmer nach net ze
 erreechen.
 Och d'Sekretärin mellt sech net.
 Viru sengen Aen dauchen d'Pabeieren
 op, déi hien nomëttes duerchgang war.
*Ostsand. Gesellschaft fir internationalen
 Austausch.* Hie muss zeréck op de Büro.
 Dem Fall Lanners nogoen. Dem Wecker
 seng Pisten nach emol checken. Virun
 allem erausfannen, wat et op sech huet
 mat där Madame Remington.
 Iwwer ëm Goe rëm de Gedanken u säi
 Wee als Sandauer.
 Onheemlech.
 Bei der roudere Luucht d'Visioun vum
 roude Mantel.
 An de Pleimling, dee seet, si wieren all a gro.
 Am Stand genuch, de Pleimling selwer
 stécht mat hinnen ënner enger Decken!
 Et ass immens laang rout. Wéi wann
 d'Luucht net géif funktionéieren, kënt et
 him vir.
 Niewent him eng Fra mat engem Apel.
 Méi genee mam Batz vun engem Apel,
 dee si tëscht Daum a Mëttelfanger



festhält. D'Hand op Schëllerhéicht.
 Wéi wa si e wéilt weisen, ir si en an eng
 Dreckschëscht pucht. De Batz gesäit e
 bëssen aus wéi eng Sandsauer.
 Gring. Hie geet ausser Otem.
 De Büro ass net méi wäit.
 Wann hien an d'Strooss ofbéit, gesäit hien
 d'blo Luuchten. Eng Ambulanz an dräi
 Polizeiween.
 Den Trëttoar ass ofgespaart. De Polizist
 léisst hien net duerch. Seet och net, wat
 geschitt ass.
 De Stack mat de Büroen ass hell beliicht.
 Am Pleimling sengem Zëmmer si Leit ze
 gesinn.
 Niewent him iergert sech e Mann, well en
 net duerchgelooss gëtt.
 E bëssen drop fiert d'Ambulanz schëtzege
 a mat grellem Sirenentoun lass.
 Déi blo Luucht frësst sech a säi Bléck eran,
 an ee Moment ass et him, wéi wann hie
 géif blann ginn...

Nico Helminger

